

Léif

Memberen

Villmools Merci

fir Är Ënnerstëtzung

Mir wënschen Iech

Schéi Chrëschtdeeg

an e glécklecht Neit Joer 2011



Inscriptions et renseignements:

Tél: 26 311 343-Fax: 26 311 342

Courriel: moien@pt.lu

B.P.5, L-8701 Useldange

www.moienasbl.lu



INFOBLAT No 12

Dezember 2010

Programme 2010/2011
2ème session



avec le soutien et la participation financière du Ministère de
l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

Cours de luxembourgeois

<u>dates</u>	<u>horaires</u>	<u>jours/durée</u>	<u>lieu</u>	<u>code</u>
Niveau 1				
24/01/11-11/05/11	9.00-11.00	lu/me 50h	Lux-Beggen	LA-LB-208
25/01/11-10/05/11	18.30-20.30	ma/je 50h	Lux-Athénée	LA-LB-183
Niveau 2				
25/01/11-10/05/11	9.00-11.00	ma/je 50h	Mondercange	LA-LB-178
24/01/11-11/05/11	18.30-20.30	lu/me 50h	Lux-Athénée	LA-LB-184
Niveau 3				
24/01/11-11/05/11	9.00-11.00	lu/me 50h	Lux-Beggen	LA-LB-209
24/01/11-11/05/11	18.30-20.30	lu/me 50h	Lux-Athénée	LA-LB-185
Niveau 4				
24/01/11-11/05/11	9.00-11.00	lu/me 50h	Lux-Millebaach	LA-LB-186
25/01/11-10/05/11	18.30-20.30	ma/je 50h	Lux-Athénée	LA-LB-187
Niveau Conversation (niveau avancé)				
08/10/10-06/05/11	9.30-11.30	ve 50h	Strassen	LA-LB-175
Orthographe et grammaire				
09/11/10-25/01/11	19.00-21.00	ma 20h	Lux-Gasperich	LA-LB-162
08/03/11-24/05/11	19.00-21.00	ma 20h	Lux-Gasperich	LA-LB-174

Prix par cours : 120 € / Module Orthographe et grammaire : 50 € / Tarif réduit de 5€ applicable sous certaines conditions.


Nombre de participants minimum : 15

!!!! Les participants aux cours peuvent bénéficier d'un congé individuel de formation ou d'un congé linguistique.

Renseignements : www.lifelong-learning.lu

INSCRIPTIONS et RENSEIGNEMENTS : Tel: 26 311 343 - Fax: 26 311 342

E-mail: moien@pt.lu B.P.5, L-8701 Useldange - www.moienasbl.lu



DE MUSÉE-TUDOR ZU ROUSPERT

Während dem Joer, nieft eise Coursen a Formateursdeeg, huele mir eis och Zäit fir zwou kulturell Aktivitéiten z'organisieren. Déi éischt, d'Visite vum Baueremusée zu Peppeng, huet an eis Erënnerungen aus der Kannerzäit ervirgeruff a wéi eis Virfahre gelieft a geschafft hunn. Am Oktober hu mir den Tudor - Musée zu Rouspert besicht, en Deel aus eiser Geschicht, dee mir kaum kennen.

Wien ass den Henri Tudor?

Den Henri Tudor ass 1859 gebuer. Säi Papp war Englänner a seng Mamm Lëtzebuergerin. Während senge Studien zu Bréissel huet hien d'Fascinatioun fir d'Elektrizitéit entdeckt. Hie gëtt den Erfinder vun de perfektionnéierten a brauchbaren Akkumulatoren. 1927 stierft hie mat 68 Joer duerch eng Bläivergëftung.

D'Zil vum Musée-Tudor ass:

1. den Erfinder, säi Liewenswierk a seng Zäit ze beliichten,
2. d'Erklärung vun de Späicherméiglechkeete vun der Elektrizitéit duerzestellen.

D'19. Jorhonnert war geprägt vum Thomas Edison, deen d'elektresch Bir erfionnt huet. An de Grousstied hunn déi éischt Geschäfte oder bedeitend Hotellen elektresch Liicht kritt an duerno Deeler vu Grousstied, wéi d'Pearl-Street zu New York oder den Holborn Viadukt zu London, net ze vergiesse Paräis oder Lausanne

Wusst dir,


datt eent vun deenen éischten Haiser an Europa an dat éischt Haus hei zu Lëtzebuerg, d'Tudor-Schlass zu Rouspert, elektresch belicht war, an zwar 24

No eiser Generalversammlung den 12. März 2010 setzt sech eise Comité elo sou zesummen:

- Presidentin: Jackie Weber-Messerich
- Vize-Presidentin: Denise Heiderscheid
- Tresorière: Geneviève Magnette-Barthel
- Sekretärin: Mili Tasch-Fernandes

Memberen (an alphabetescher Reiefolleg):

- Yves Charpentier
- François Dondelinger
- Marco Garcia
- Danielle Laschet-Schanen
- Nelly Linster-Hinzy
- Jean-Marie Nau



7. Formateursdag

den 23. Oktober 2010 op der Uni Lëtzebuerg, Campus Walfer

Fir eise 7. Formateursdag, un deem 20 Leit deelgeholl hunn, hate mer als Thema:

"Wéi ginn ech als Formateur/Formatrice mam "Feeler" ëm?" erausgesicht.

Zesumme mat der Gudrun Ziegler, Studiendirektesch vum Masterstudiegang "Learning and development in multilingual and multicultural contexts" op der Uni Lëtzebuerg, a mat hiren zwou Mataarbechterinnen Adrienne Ouafu a Marnie Ludwig hu mir eis mat folgende Froe beschäftegt:

Wat ass eigentlech e "Feeler"? Wéi erkennen ech en? Wat fir Normen erlaben eis, feststellen, dass iwwerhaapt eppes "falsch" ass?

Ginn et verschidden Niveaue vu "Feeler"? Firwat ass et wichteg, se z'ënnerscheeden a wiem notzt dat eppes?

Si Feeler noutwenneg? Kann een se evitéieren, an a wéi wäit gehéieren se zum Léierprozess?

Wat fir Korrekturverhale kann ee bei de Formateure feststellen a wat bréngen se?

Ugefaang hu mer mat enger Gruppenaarbecht, wou mer an dräi Gruppen Toundokumente analyséiert hunn. Aus enger Opnam aus engem Lëtzebuergeschkurs (eng Persoun déi schwätzt, de Formateur verbessert sporadesch) hu mer probéiert erauszefannen, wat fir eng Zort vu Feeler gemaach ginn, wéi de Formateur (Korrektur oder net ?) an doropshin den Apprenant reagiert (verbessert sech, mécht näischt, widderhëlt).

Nodeems mer eis Analysen zesummegebroen hunn, huet d'Gudrun Ziegler iwwer déi verschidde Korrekturverhalen (*feedback types*) an hir Konsequenze geschwat. Dobäi huet si sech op en Artikel vum Roy Lister baséiert (Patterns of Corrective Feedback and Uptake in an Adult ESL Classroom, Iliana Panova and Roy Lyster, McGill University Montreal, Quebec Canada, in: TESOL Quarterly, Vol. 36, No. 4, Winter 2002, p. 573-595).

An dësem Artikel geet et ëm déi interessant Resultater vun enger Studie, an där ënnersicht gouf, wéi d'Apprenanten op 7 verschidde *feedback types* reagéieren (*uptake* and *repair*, also Ophuele vun der Verbesserung a Verbesserung).

Et sinn dat (no Heefegkeet vu Gebrauch): *recast* (einfacht Verbesseren, 55%), *translation* (Iwwersetzung), *clarification requests* (Nofroen am Genre: mengt dir domat ...?), *metalinguistic feedback* (metasproochlech Erklärungen), *elicitation* (dat korrekt Wuert erauslackelen), *explicit correction* (ausdrécklech Korrektur) an *repetition* (Widderhuelung).

Nëmme 47% vun de Korrekture goufe vun den Apprenanten opgehol (uptake) an dovunner haten nëmmen een Drëttel (also insgesamt 16%) och en effektivi Verbesseren (*repair*) als Konsequenz.

Nom Mëttegiessen ass et weidergaang mam Analyséieren vun zwou Videosequenzen. Zwou Formatricen haten eng Seance vun hirem Lëtzebuergeschkurs gefilmt; Ausschnëtter doraus waren den Objet vun der Analys. Dobäi ass an zwou Gruppen am Detail gekuckt ginn, wéi déi verschidden Type vu Feedback, déi mer moies theoretesch kennegeléiert haten, hei effektiv agesat ginn a wéi d'Apprenante reagéieren.

Duerno war nach eng Diskussioun am Plenum, wou et och nach ëm "Lernersprachen" (oder Interimssprachen) an ëm Fossiliséierung gaang ass. All Apprenant entwéckelt a sengem Léierprozess seng eege Sprooch (*Lernersprache*), also e System, dat funktionéiert a mat deem en sech an deem Stadium vu sengem Sproocherwerbsprozess ausdrécke kann. Sou duerchleift e verschidde Stadien an entwéckelt "seng" Sprooch ëmmer weider, d'Interimssprooch organiséiert sech dobäi ëmmer nei. Et kann awer och zu Fossiliséierung kommen, nämlech dann, wann et keng Weiderentwicklung gëtt, wa verschidde Feeler sech festgesat hunn an dacks den Apprenant och keng Noutwennegkeet méi gesäit, déi Feeler ze verbessern.

Mir soen der Gudrun Ziegler an hire Mataarbechterinnen nach eng Kéier villmools Merci fir deen interessanten a léierräiche Formationsdag. E Merci geet och un den OLAI (Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration) fir déi finanziell Ënnerstëtzung.

Den nächste Formateursdag ass de 26. März 2011.



Newcomer's Day 2010 op der Europäescher Kommissioun

Um 2. Newcomer's Day vun dësem Joer, war MOIEN asbl nees vertrueden. Sou konnte mir deenen neie Mataarbechter vun der Europäescher Kommissioun Informatiounen iwwert eis Coursen a kulturell Aktivitéite ginn, déi mer am Joer organiséieren.

Mir hunn Deplianten a Programmer verdeelt, an d'Kanner konnten op eisem flott dekoréierte Stand molen.



Agenda Mäerz an Abrëll 2011

- | | |
|----------------------|--|
| 11.-13. Mäerz | Mir hunn e Stand um « Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté » um Kierchbierg. |
| 25. Mäerz | Mir hunn och e Stand um "Newcomer's Day" vun der Europäescher Kommissioun am Gebai Jean Monnet |
| 26. Mäerz | Formateursdag |
| 01. Abrëll | Generalversammlung |

Stonnen op 24? Fir déi deemoleg Zäit eng Attraktioun, e klengt Wonner.

Wusst dir,
datt kuerz no New York, Paräis a London, Iechternach als éischt Stiedchen am Land 1886 elektresch Stroosseluuchte kritt huet.

Wusst dir,
datt 1884 verschidde Maschinne fir d'Bauern elektresch bedriwwen konnte ginn an datt den Tudor schonn deemools en Auto entwéckelt hat, deen elektresch ugedriwwen ginn ass, de sougenannten Energie-Won.

Wusst dir,
datt den Henri Tudor eng kleng Firma zu Rouspert hat an duerno riseg Firmen an der Belsch, a Frankräich, an England an an Däitschland.

Deen neie Musée zu Rouspert ass 2009 opgaangen. Et ass eng weineg bekannte Säit aus der Lëtzebuerger Geschicht, obschonn den Henri Tudor am 19. Jorhonnert eng wichteg Roll an der Welt vun der Wëssenschaft gespillt huet.

